



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
17 MARS 2020

Luxembourg, le 17 mars 2020

Le Ministre des Affaires étrangères et européennes

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe, la réponse commune des ministères impliqués à la question parlementaire n° 1889 posée par les honorables Députés Messieurs Jeff Engelen et Fernand Kartheiser.


Jean Asselborn

Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Minister Paulette Lenert, dem Här Jean Asselborn an dem Här Franz Fayot op d'parlamentaresch Fro Nr. 1889 vun den Hären Deputéierten Jeff Engelen an Fernand Kartheiser.

Äntwert op di éischt Fro

D'Weltgesundheitsorganisatioun (World Health Organisation - WHO) huet effektiv d'Volleksrepublik China am Kader vun der COVID-19 Epidemie als en "Héichrisiko"-Land agestuift, wat mat sech bruecht huet, dass och Hong Kong, Macao an Taiwan d'selwecht agestuift goufen, obwuel si méi robust Gesondheetssystemer hunn. Et ass aus e puer Grënn awer net néideg fir bei der WHO ze intervenéieren: éischtens schafft d'WHO op engem techneschen Niveau mat dem Center for Disease Control (CDC) vun Taipei zesummen, sou dass d'Agence iwwert déi néideg Informatiounen verfügt; zweetens huet d'WHO bis elo just recommandéiert, méi streng Grenzkontrollen a China anzeféieren, awer net dass den internationale Fluchtrafic misst ageschränkt ginn. Dat bezitt sech also och op Taiwan. An drëtens baséieren sech d'Fluchgesellschaften an der Reegel net nëmmen op d'Risikoevaluatiounen vun der WHO, mee och op sëllegen aner Sourcen, déi hinnen zur Verfügung stinn. Doriwwer eraus hält Lëtzebuerg natierlech un der "Ee-China-Politik" fest.

Äntwert op di zweet Fro

Den italienesche Gesondheitsministère huet sech eisen Informatiounen no effektiv op d'Aussoe vun der WHO beruff. Dorops hin, hu si decidéiert, keng Landeerlabnis méi ze ginn fir déi Flich aus deene betraffene Regiounen. Wat Taiwan ugeet, sinn Direktfluch vu China Airlines an EVA Air betraff. Dëse Verbuete huet esou gutt fir Passagéier- wéi och fir Cargofluch gegollt. Nom Protest vum taiwaneschen Ausseminister ass de Verbuete op d'Cargofluch dunn awer erëm opgehewe ginn, mee dee fir d'Passagéierfluch ass nach ëmmer en Vigueur. Italien huet dës Decisioun unilateral geholl, am Kader vun engem „state of national emergency“. Et ass wichteg hei ze bemierken, dass an dësem Fall di italienesch Regierung d'Decisioun geholl huet, an net eng Fluchgesellschaft. Nieft Italien ass eis kee Fall bekannt vun enger Annulatioun op der Basis vun de Risikoevaluatiounen vun der WHO.

Äntwert op di drëtt Fro

Privat Entreprises, wéi an dësem Fall Fluchgesellschaften, huelen hir Decisiounen op der Basis vun enger ganzer Rei vu Krittären a baséieren sech net nëmmen op d'Risikoevaluatiounen vun internationalen Organisatiounen. Duerch hir Erfahrung an hir Presenz an deene verschiddene Länner, déi si ufléien, sinn des Fluchgesellschaften an der Lag, Situatiounen zu all Moment anzeschätzen an déi néideg Decisiounen ze huelen.